N°2425
Entrée le 03.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

**Äntwert vun der Verdeedegungsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 2425 vum 6. Juni 2025 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

***Fro 1: Kann d'Ministesch d'Flich oplëschten, déi am Kader vum MRTT-Programm an de Joren 2023, 2024 an 2025 duerchgefouert goufen?***

***Falls dës Informatiounen aus Sécherheetsgrënn net kënne publizéiert ginn, kann d'Ministesch der zoustänneger Chamberskommissioun dës Lëscht am Huis clos präsentéieren?***

An den Joren 2023, 2024 an 2025 sinn insgesamt 23 MRTT Flich vir Lëtzebuerg ausgeféiert ginn. Di detailléiert Lescht vun den Flich ass aus Grënn vun der militärescher Sécherheet klassifizéiert.

Falls déi zoustänneg Chamberskommissioun dat wënscht, kann d'Ministesch hir déi detailléiert Lëscht an engem Huis clos virstellen.

***Fro 2: Fir wéi vill Fluchstonnen a fir wéi eng Zwecker sinn déi lëtzebuergesch Militärfligeren zënter dem Akraafttriede vum Gesetz genotzt ginn?***

Zenter dem Akraafttriede vum Gesetz  iwwert d'Lëtzebuerger Participatioun an der "Multinational MRTT Fleet" sinn d'MRTT Fliger 363 Fluch Stonnen vir Lëtzebuerg geflunn. D'MRTT Fliger sinn an enger multinationaler Unitéit an Asatz, an deem Kader fléien d'MRTT niewent deenen reng nationalen Missiounen och multinational Missiounen wou d'Fluch Stonnen prozentual zu Participatioun am Programm verrechent ginn.

D'MRTT Fliger exekutéieren Loftbetankungs-Missiounen, assuréieren den Transport vun Persounen an Equipement an fléien medezinesch Evakuatiouns-Missiounen. Di detailléiert Lescht vun den Flich ass aus Grënn vun der militärescher Sécherheet klassifizéiert.

***Fro 3: Wéi vill Fluchstonne vu Militärfligeren goufen 2024 fir den Transport vu Regierungsmemberen oder héije Beamte benotzt (opgeschlësselt no Ministère an no Fligertyp)?***

| | **Zuel vun Flich** | **Fluch Stonnen (gesamt)** | **Typ vun Vol** |
|---|---|---|---|
| Maison du Grand-Duc | 1 | 01:43 | EATC* |
| Staatsministère | 5 | 15:45 | EATC* |
| Ministère fir auswäerteg an europäesch Ugeleeënheeten, Verdeedegung, Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel | 1 | 13:44 | MRTT |
| Ministère fir auswäerteg an europäesch Ugeleeënheeten, Verdeedegung, Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel | 1 | 06:20 | EATC* |
| Direktioun fir Defense | 1 | 07:16 | A400M |
| Direktioun fir Defense | 1 | 05:30 | EATC* |

*Et sief bemierkt, datt d'Flich aus dem EATC op engem Austauschsystem berouen, wou Lëtzebuerg, zesumme mat aneren europäeschen an NATO-Natiounen, participéiert. Hei hëllefen sech d'Länner ënner Anerem géigensäiteg mat Austausch vu Militärfluchstonnen. Fir wieder Detailer verweise mir op d'Äntwert op d'parlamentaresch Ufro 474 an 481.

Lëtzebuerg, den 3. Juli 2025.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes